

Lëtzebuerg, de 5. November 2018

## Präzisiounen zur Formation continue an zum Bewäertungssystem

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

### 1. Formation continue am Zesummenhang mat der Evolutioun vun der Karriär

Mat der grousser Reform vun der Fonction publique, déi sät dem 1. Oktober 2015 a Kraaft ass, goufe vill Karriäre beim Staat komplett nei strukturéiert. Déi Professeren a Chargéen, déi **nom 31. August 2016** hire Stage ugefaangen hunn, evoluéieren zénterhier am « *Groupe de traitement A1, rubrique enseignement* ». Den detaillierte Verlaf vun der Karriär A1 an d'Konditiounen a punkto Formation continue fir déi verschidde Graden z'erreeche fannt Dir an deenen zwee Dokumenter, déi hannert dësem Communiqué verlinkt sinn.

All d'Enseignanten, déi virum Akraaftrie vun dëser Reform schonn am Déngscht waren, bleiwe **bis zur Pensioun an der** « *aler* » **E-Karriär**<sup>1</sup>, déi am Géigesaz zur neier A1-Karriär eng sougenannte « Carrière plane » ass, innerhalb vun där een zu kengem Zäitpunkt am Grad klémmt. Och nom Enn vun der sougenannter « Période transitoire », déi den 30. September 2020 ophält, wäert laut dem aktuell gültige Gesetzestext **keen** Agent aus der E-Karriär an d'A1-Karriär émklasséiert ginn.

Fir d'Enseignanten aus der E-Karriär huet sech allerdéngs trotzdem eppes geännert, wourop mir iech hei wëllen opmierksam maachen. Nämlech gouf am Traitementsgesetz eng **Konditioun a punkto Unzuel u FoCo-Stonnen** agebaut, déi ee muss erfëllt hunn, fir den **14. Échelon** vu sengem jeeweilege Grad<sup>2</sup> z'erreechen an z'iwwerschreiden :

---

<sup>1</sup> D'Tabell vun der E-Karriär fannt Dir an der Annex 3 zu dësem Communiqué. Op den detaillierte Verlaf vun deenen eenzelen E-Karriären (Candidat-professeur E7, professeur E7, chargé d'enseignement E6...) hu mir opgrond vun deene villen an deelweis komplexen Ënnerscheeder an Ausname verzicht.

<sup>2</sup> Fir d'Chargés d'enseignement am Grad E6 entsprécht den **Échelon 14 460 Points indiciaires**, fir d'Professeren am Grad E7 **500 Points indiciaires**. Är aktuell **Unzuel u Points indiciaires** fannt Dir op Ärem Paiziedel uewe lénks ènnert der Rubrik „*Points Euros*“ an der Zeil vum Code „IBAS“. Opgepasst: Bei enger partieller Tâche muss déi ugewisent **Unzuel u Punkten** duerch den Degré vun der partieller Tâche gedeelt ginn, fir op déi **Unzuel u Punkten** ze kommen, déi enger voller Tâche entsprécht (Beispill: Bei enger 75% - Tâche gëtt duerch 0,75 gedeelt, bei enger hallwer Tâche duerch 0,5).

« Les fonctionnaires relevant de la rubrique «Enseignement» et auxquels le régime transitoire du présent article est applicable doivent avoir accompli au cours de la carrière au moins trente journées de formation continue attestées par des certificats de perfectionnement établis par le ministre ayant l'éducation nationale dans ses attributions, ou d'en avoir suivi une autre formation reconnue équivalente ou d'en avoir été dispensé pour des raisons dûment motivées par celui-ci avant de pouvoir accéder à l'échelon 14 et suivants des grades E7, E6, E5 et E3ter.

Pendant une période transitoire de cinq ans à partir de l'entrée en vigueur de la présente loi, et par dérogation au principe de l'alinéa précédent, les fonctionnaires peuvent accéder à l'échelon 14 et suivants des grades E7, E6, E5, E3ter et E3bis en attendant qu'ils remplissent les conditions de formation. Ils bénéficient à cet égard d'un crédit de formation de douze journées.<sup>3</sup> »

Dat, wat hei fir d'Fonctionnaire beschriwwen ass, gëllt och fir d'Employéen<sup>4</sup>. Et sief bemierkt, dass 1 Dag Formation continue 6 Stonnen entsprécht, 30 Deeg also **180 Stonnen** entspriechen. Fir déi Enseignant, déi bis zum 30. September 2020 den Échelon 14 vun hirem jeeweilege Grad erreeche wäerten, dierft sech dëse Problem am Prinzip net stellen, well bis zu deem Zäitpunkt nach ee Kredit vun 12 Deeg, also vun 72 Stonne gëllt. **No dësem Datum wäert allerdéngs jidder Enseignant mindestens 180 Stonne Formation continue mussen absolvéiert hunn, fir net a sengem weidere Verlauf vun der Karriär** (Échelons 14 - 18) **blockéiert ze ginn**. De genauen Datum, wéini dir den Échelon 14 erreeche wäert, kënnt dir bei ärem Gestionnaire am **CGPO**<sup>5</sup> nofroen. Dir fannt déi entsprielchend Kontaktdonnéen (Numm, Telefonsnummer an E-Mail-Adress) op ärem Paiziedel uewe lénks, ènnert « *Dossier suivi par* ».

An der Tëschenzäit wäert de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP awer alles dru setzen, fir a Verhandlunge mat de kommende Ministere vun der Fonction publique an der Education eng Léisung ze fannen, dass keen Enseignant, deen déi senger Tâche entsprielchend Mindestzuel u FoCo-Stonne Joer fir Joer geleescht huet, a senger Karriär blockéiert gëtt !

## 2. Bewäertungssystem fir d'Enseignanten an de Karriären A1 an E

D'Modalitéite vum Bewäertungssystem sinn am *Artikel 4bis* vum Statut vum Fonctionnaire gereegelt:

« Le système d'appréciation s'applique à partir du dernier grade du niveau général pour le passage au niveau supérieur ainsi que pour chaque promotion ou avancement assimilé à une promotion dans le niveau supérieur, au sens de la loi fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat.<sup>6</sup> »

---

<sup>3</sup> Loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat / article 50 / paragraphe 5

<sup>4</sup> Loi du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'Etat / article 68 / paragraphe 1 / alinéas 3 et 4

<sup>5</sup> Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'Etat

<sup>6</sup> Loi modifiée du 16 avril 1976 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat / article 4bis / paragraphe 1 / alinéa 2

Fir d'Professeren an der neier **A1-Karriär** bedeut dat, dass si 12 Joer no hirer éischter Nominatioun (*Passage vum Grad 14 an de Grad 15*) an 20 Joer no hirer éischter Nominatioun (*Passage vum Grad 15 an de Grad 16*) individuell bewäert ginn. Fir d'Chargés d'enseignement an der neier **A1-Karriär** géif dat bedeiten, dass si just zu engem Zäitpunkt individuell bewäert ginn, nämlech 20 Joer nom Ufank vun hirer Karriär (*Passage vum Grad 14 an de Grad 15*).

Fir d'Enseignanten an der **E-Karriär** ass d'Situatioun méi komplizéiert. Och, wann dës Agente jo zu kengem Moment am Grad klammen, sou ginn et an hirer Karriär awer Momenter, déi enger Promotioun am Sënn vun dem uewen zitéierten *Artikel 4bis* gläichkommen :

« *Pour l'application des dispositions de l'article 4bis de la loi modifiée du 16 avril 1976 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État, (...) l'avancement de deux échelons supplémentaires après dix ans (...) et l'accès à l'échelon 14 et suivants des grades E7, E6, E5 et E3ter sont assimilés à des promotions.*<sup>7</sup> »

Dat, wat hei fir d'Fonctionnaire beschriwwen ass, gëllt ganz ähnlech och fir d'Employéen<sup>8</sup>. Fir d'Enseignanten an der **E-Karriär** géifen déi uewe beschriwwen Bewäertungsmomenter aus verschiedenen Ursachen, ënnert anerem wéinst dem zousätzlechen (Tëschens-) Statut vum Candidat-professeur, zu komplett énnerschiddlechen Zäitpunkten antrieden a géifen sech souguer an hirer Unzuel énnerscheeden. Fir den individuelle Bewäertungssystem fir de gesamte Corps enseignant ze harmoniséieren, gouf am Mäerz 2013 ënnert den deemolege Ministere François Biltgen a Mady Delvaux-Stehres festgehalen, dass fir **alleguer** d'Enseignanten am Secondaire (souwuel fir déi aus der A1-Karriär, wéi och fir déi aus der E-Karriär) **eenheetlech Kritäre** sollten applizéiert ginn, nämlech just **zwou Appréciatiounen** no 12 respektiv 20 Joer no därf éischter Nominatioun. Hei een Extrait aus dem deemolegen Accord, den och vum Regierungsrot guttgeheescht gouf:

#### L'appreciation des membres du corps enseignant

2.

- Moments de l'évaluation : à la fin de chaque année du stage ; après 12 ans à partir de la 1re nomination ; après 20 ans à partir de la 1re nomination.
- L'appreciation qui est un élément de carrière du fonctionnaire se fera dans le dialogue et la transparence.
- Un règlement grand-ducal définira les conditions et les modalités selon lesquelles l'ensemble des enseignants sera évalué, ceci moyennant soit une grille d'appreciation.
- La période de référence commence au moins trois ans avant le moment de l'appreciation.
- Le chef d'administration (la direction) procédera à l'appreciation de l'enseignant dans un entretien professionnel; si l'enseignant refuse le résultat de son appréciation, son dossier sera confié à la commission spéciale instituée auprès du Ministre de la Fonction et présidée par le Médiateur au sein de la Fonction publique.

---

<sup>7</sup> Loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État / article 50 / paragraphe 6

<sup>8</sup> Loi du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État / article 68 / paragraphe 1 / alinéa 3

Fir Onkloerheet suergt allerdéngs, dass de Contenu vun dësem Accord **net explizit als Derogatioun zum Bewäertungssystem am finale Gesetzestext** optaucht. Doraus erginn sech Interpretatiounsdivergenzen, zu wéi engem Zäitpunkt d'Enseignanten dann elo schlussendlech solle bewäert ginn. **Fir Kloerheet kënnen hei nämmen déi zoustänneg Ministere vun der Fonction publique an der Educatioun suergen.**

Wéi et an engem rezente Communiqué vun enger anerer Enseignantsgewerkschaft heescht, missten sech déi Kollegen, déi scho virum 1. Oktober 2015 am Déngscht waren, während där nach bis zum 1. Oktober 2020 lafender Transitiounssphase net bewäerte loossen. Ausserdeem géif de Bewäertungssystem och nom Oktober 2020 just fir déi Enseignante gëllen, déi an der neier A1-Karriär am Grad klammen. De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP wëll hei kloer an däitlech ze verstoe ginn, dass **béid Aussoe falsch sinn**. Den Artikel 41<sup>9</sup>, op den sech hei beruff gëtt, ass nämlech **net applikabel fir den Enseignement!** Dëst krute mir vum CGPO a vu Juriste confirméiert. Donieft bleiwen, wéi scho méi wäit uewe bemierkt, och nom Enn vun der Transitiounssphase alleguer d'Enseignanten, déi virun der Reform vun 2015 schonn am Déngscht waren, an der aler E-Karriär a ginn net an d'A1-Karriär émklasséiert. **Bis de weidere Verlauf vun deenen individuelle Bewäertungsgespréicher net ofschléissend gekläert ass, réit de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP iech wäermstens, dës weiderhi wouerzehuelen.**

**Onofhängeg dovu schléisst sech de Comité vun der Féduse/Enseignement der Fuerderung vun eisem Daachverband CGFP un, de Bewäertungssystem komplett ofzeschafen!** Dëse bréngt nämlech keng reell Plus-value fir en Agent beim Staat, scho guer net am Enseignement, mat sech. An der Praxis geet vill wäertvoll Zäit an Energie bei alle Betraffenen doduerch verluer. Eis Aarbecht ass per se schonn transparent, wann ee bedenkt, dass jidder Enseignant um Enn vun all Trimester bei senger Direktioun a bei de Kollegen am Conseil de classe fir d'Notte vu senge Schüler riichtstoe muss, an dat vis-à-vis vun de Schüler an hiren Elteren am Alldag souvisou och.

### 3. Majoratioun vum Koeffizient bei interner Differenzéierung

Da wollt de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP nach eng Kéier drun erënneren, dass mir mat Vertrieder vum Educationsminister eng **Majoratioun vum Koeffizient ém 0,15** pro Leçon ausgehandelt hate fir déi Professeren, déi intern differenzéiere müssen:

« *En cas de différenciation interne (cours avancé – cours de base) dans les classes de (7G), 6G, 5G, 4G et 3G, le coefficient des cours concernés est majoré de 0,15.<sup>10</sup>* »

Falls dir vun dëser Reegelung betraff sidd, géife mir iech roden, op ärem Tâchenziedel ze kontrolléieren, ob dës Majoratioun an ärem Fall och korrekt applizéiert gëtt a falls net, iech bei ärer Direktioun ze mellen.

---

<sup>9</sup> Loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat / article 41

<sup>10</sup> Cette majoration du coefficient ne s'applique uniquement pour les cours assurés par les professeurs, professeurs d'enseignement technique, instituteurs et maîtres d'enseignement.

#### 4. Postes à responsabilités particulières

Säit enger Gesetzesänderung vum 15. Mee 2018, fir déi d'Féduse/Enseignement-CGFP sech laang agesaat hat, hu jo endlech och d'Candidats-professeurs Utrecht op déi sougenannte « **Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières** ». De Comité huet duerch sain Insistéieren elo erreecht, dass dës selbstverständlich réckwierkend op den 1. Juni 2018 wäert ausbezuelt ginn, an net just op de 15. September 2018.

Mat beschte Gréiss,

de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

#### Annex 1 : Karriär vum Professer A1

[https://gallery.mailchimp.com/96cf4e777e4f194de32d6calc/files/5e4acb97-f690-4031-b2d3-967023878aac/Professeur\\_A1.pdf](https://gallery.mailchimp.com/96cf4e777e4f194de32d6calc/files/5e4acb97-f690-4031-b2d3-967023878aac/Professeur_A1.pdf)

#### Annex 2 : Karriär vum Chargé d'enseignement A1

[https://gallery.mailchimp.com/96cf4e777e4f194de32d6calc/files/60e95239-b3b7-4b1b-bb02-5e1407845596/Charge\\_A1.pdf](https://gallery.mailchimp.com/96cf4e777e4f194de32d6calc/files/60e95239-b3b7-4b1b-bb02-5e1407845596/Charge_A1.pdf)

#### Annex 3 : Tabell vun der E-Karriär

Grade	Echelons																				Nombre et valeur des augmentations biennales
	1	2	3	4	5	6	7	8	9	10	11	12	13	14	15	16	17	18	19	20	
E7	290	305	320	340	360	380	395	410	425	440	455	470	485	500	515	530	546	560			2x15+3x20+10x15+1x16+1x14
E6	266	278	290	305	320	340	355	370	385	400	415	430	445	460	475	490	504	517	530		2x12+2x15+1x20+10x15+1x14+2x13
E5	254	266	278	293	313	328	343	358	373	388	403	418	433	453	473	480					2x12+1x15+1x20+8x15+2x20+1x7
E4	214	226	238	250	262	277	292	307	322	337	352	367	382	397	409	421	441	453	465	470	4x12+9x15+2x12+1x20+2x12+1x5
E3ter	214	226	238	250	262	274	286	298	310	322	334	349	364	379	394	409	424	439	450		10x12+7x15+1x11
E3	185	196	208	220	232	247	262	274	286	298	310	322	334	346	358	370	385	400			1x11+3x12+2x15+9x12+2x15
E2	176	185	196	209	222	235	248	261	274	287	300	313	326	339	352	368	384	400	417	435	1x9+1x11+12x13+3x16+1x17+1x18
E1	163	172	181	192	203	214	225	236	247	258	269	281	294	307	320	333	339				2x9+8x11+1x12+4x13+1x6

#### Annex 4 : Déi verschidde Gesetzestexter

<https://gallery.mailchimp.com/96cf4e777e4f194de32d6calc/files/2c282f19-78a5-4247-902c-37fc56a4edf8/Lois.pdf>